# VLIB – LETZEBUERGER STUDENTEN ZU BERLIN




En Guide
Vun Studenten
Fir Studenten

*Edition 2022*

# VIRWUERT

Léif zukünfteg Studenten an Studentinnen,

Mir wësse genau wéi schwéier et ka sinn nom Lycée erauszefanne wou ee wat studéiere wëll. Dëst ass fir jiddereen eng wichteg Entscheedung, dofir hunn mir dës Broschür erstallt fir Iech d' Stad Berlin méi no ze bréngen an déi wichteg Froen zu Studium an dem Studenteliewen zu Berlin ze beäntwerten. Mir hoffen datt Iech dës Informatiounen en méi einfache Start an dëser Stad erméiglechen an och wärend dem Studium nach bei Onsécherheeten hëllefen.

D' Metropole Berlin besteet net nëmmen aus Techno, Currywurst a Berliner Luft mee d'Stad huet historesch a kulturell immens vill ze bidden. D' Groussstad huet vill méi verschidde Facettë wéi een am Ufank mengt. All Quartier huet säi Stil an zielt seng eege Geschicht. Berlin ass souwuel klassesch mee och modern, dofir ass hei fir all Mënsch eppes dobäi. Vun Floumäert bis Ausstellungen a Concerten souwéi 24 Hours Breakfast Restaurants, hei gëtt sécher kengem langweileg; Berlin has it all!

Net nëmmen däitsch mee vill international Studente fannen hire Wee op Berlin, well déi grouss Unzuel vun Unis an Héichschoulen all méigleche Studiegang ubidden. Ob Medezin, Ekonomie oder Design, hei kann een sou zimmlech alles studéieren.

Mir hoffe mat dëser Broschür, datt mir Iech vun der Stad Berlin iwwerzeege kënnen an Iech bei Ärer Entscheedung an der Kulturstad Berlin zu studéiere kennen hëllefen. Natierlech stelle mir Iech och eise Cercle kuerz vir a freeën eis Iech op eisen zukünftegen Events kennenzeléieren. Bei weidere Froen zeckt net eis ze kontaktéieren an eis Är Froen ze stellen.

An elo, vill Spaass beim Duerchliese vun der Broschür, oder wéi de Berliner soe géif:
Nu aba Ran an die Bulletten!

Melinda Soultanova

VLIB Alumni

# Remerciements

Den Veräin vun den Lëtzebuerger Studenten zu Berlin well sech heimadder häerzlech bei all deenen bedanken déi zur Publikatioun dëser Brochure, *VLIB Studenteguide Edition 2022*, bäigedroen hunn.

En besonneschen Merci gellt och Eisen Sponsoren, déi séit dësem Joer den Berliner Studenten ënnert Ärem gräifen an mat dieren Hëllef mir eisen Memberen an den zukünftegen Berliner Studenten mei bidden kennen.

# INHALT


BERLIN 4

- Berlin an Zuelen 4
- Transport Berlin 4
- Sehenswierdegkeeten 5
- Events 6
- Netzlëch Apps 7
- Ëmweltvignette 8
- Rundfunkgebühren (GEZ ) 8
- Logement 9

Universiteiten 9

- Ënnerscheed Universitéit an Fachhéischschoul 9
- Humboldt Universität 10
- Freie Universität 11
- Technische Universität 11
- Charité 11
- Hochschulsport 12

VLIB - Den Studentecercle 13

- Wat ass de VLIB? 13
- Events vum VLIB 13
- Merchandise 14
- Kontakt 14

# BERLIN

## Berlin an Zuelen

- 3.469.849,00 Awunner
- 892,00 km² Gesamtfläch
- 16.364 ha Bësch
- Längsten Floss: Spree 45,1 km
- 960 Brécken (Fun Fact: méi wei zu Venedeg)
- Héchsten Gebai: Fernsehturm 368 m




(FOTO: WWW.HOBBYUO.DE)

## Transport Berlin

Et gi verschidde Méiglechkeete d' Streck tëscht Lëtzebuerg an Däitschland ze bewältegen.

Déi wuel schnellsten Optioun ass de Fliger. Do ginn et déi 3 grouss Fluchgesellschaften: Luxair, Ryanair an Easyjet. An allen Fäll empfeelt et sech méiglechst fréi ze buchen, wëll da sinn d' Tariffer am beschten. Leider ass duerch déi momentan speziell Situatioun och de Fluchverkéier betraff, dowéinst flitt nëmme Luxair a reegelméissegen Ofstänn. Et ass ofzewaarde wéini déi aner Fluchgesellschaften sech och rëm entscheeden de Fluchverkéier opzehuelen. Eng aner Optioun ass natierlech den Zuch.

Wéi eng Zuchstreck een do u-peilt ass engem ganz iwwerlooss, mee déi wuel bekanntste Streck ass Berlin, Köln, Treier, Lëtzebuerg.

Natierlech kann een och de Flixbus huelen. Do musst Dir wuel déi meeschten Zäit aplangen, wéinst de ville Baustellen déi sech tëscht béide Länner befannen.

Zu gudder lescht kann een och mam Auto fueren. Mir roden Iech dobäi am beschten zu zwee ze fueren, well et awer eng weit Streck ass fir se ganz eleng ze fueren. Zudeem hunn mir als VLIB och eng Facebookgrupp (*VLIB Mitfahrgelegenheiten*) wou Dir Iech gäre melle kënnt.

# Sehenswierdegkeeten

1. Brandenburger Tor



D’ Brandenburger Tor gehéiert zu de wichtegsten Monumenter vun der Metropole Berlin. Fréier huet d’ Brandenburger Tor den ëstlechen a westlechen Deel vun der Stad vun eneen getrennt. Seid dem Mauerfall ass dës Plaz en Symbol fir déi däitsch Eenheet.

2. Museumsinsel & Berliner Dom



D’ Museumsinsel ass en eenzeg-aartegt Bauensemble op der Spreeinsel matzen an Berlin. Op der Insel befannen sech 5 grouss Muséeën an den Berliner Dom, déi ënnert den preiseschen Herrscher opgebaut goufen. Am Berliner Dom kann een an d’ Kuppel erop, wou een eng Vue iwwert den Zentrum vun Berlin huet.

3. Fernsehturm Alexanderplatz



Den Fernsehturm ass wuel dat bekanntsten Symbol vun der Groussstad Berlin. Den Tuerm gouf an der DDR gebaut an ass mat sengen 368 Meter den véierthéchsten Fernsehturm vun Europa.

4. East Side Gallery

D’ East Side Gallery ass de längsten erhalenen Deel vun der Berliner Mauer. 1,3 Kilometer laang ass des Promenade laanscht Spree a gëtt mat all de faarwege Konschtwierker op der Mauer als Open-Air-Galerie bezeechent.



(FOTO: WWW.BZ-BERLIN.DE)

5. Teufelsberg

Den Teufelsberg ass eng al US-amerikanesch Abhörstatioun déi ausserhalb vu Berlin am Grünewald op engem klenge Bierg léit. Hei gëtt et mëttlerweil vill Streetart ze entdecken an et huet een eng immens Vue iwwert déi ganz Stad.

6. Mauerpark

De Mauerpark ass virun allem um Weekend en Hotspot fir vill Berliner. Op de grousse Wisen nieft der Berliner Mauer fannen hei Floumäert, Grillpartys a Karaoken-Concerte statt.



(FOTO: WWW.MAUERPARK.INFO)

7. Thai Park

Op den éischte Bléck mengt een dëst wier en ganz gewéinleche Park. Eréischt op den zweete Bléck gëtt hei ville Leit eréischt bewosst wien ënnert de faarwege Prabbelien op Hockere setzt. De ganze Summer iwwer kachen hei Weekends Thailännesch Famille leckert Iessen op der Wiss a verkafen dëst un d’ Parkbesicher.

## Events

Zu Berlin ass ëmmer eppes lass! Mee et ginn heiansdo Deeg am Joer, do ass nach méi eng lass. Hei eng kleng Lëscht mat Datumer op déi der Iech ëmmer erëm freeë kënnt!

Berlinale (18.- 22. Februar 2023): D’International Filmfestspiller zu Berlin. Ee vun de bedeitendsten Eventer aus der ganzer Filmbranche. Ëmmer en Spektakel wou een och mol deen een oder anere Filmstar ze pake kritt. D’Berlinale fënnt normalerweis um

Potsdamer Platz beim Sony Center an um Zoologischen Garten statt!

Maifest (1. Mee 2023): En mega Event duerch ganz Kreuzberg verdeelt wou Dir op all Eck eng Band oder eng Attraktioun fannt. Duerch all Park a Kreuzberg sinn DJs verdeelt déi eng mega Ambiance schaffen!

Karneval der Kulturen (26.-29. Mee 2023): Eng eenzeg Party déi sech duerch Kreuzberg zitt! Ganz Karawanne gefëllt mat Mënschen déi d' Liewe feieren. Eenzegaarteg Performancen an immens gutt Stëmmung!

Christopher Street Day (Juli 2023): Och ob dësem Dag ass a ganz Berlin eng mega Atmosphären ze spieren. Eng riseg Karawann zitt hei duerch Berlin wou méi wéi 100‘000 leit fir d‘ Rechter vun de LGBTQ+ Communities antrieden! Net ze verpassen!

Berlin Marathon (24. September 2023): Ee vun deene bekanntste Marathonen ob der Welt zitt alljoers eng Tonne Mënschen ob Berlin déi dee Weekend versichen iwwert hier Grenzen erauszegoen. Och hei ass duerch ganz Berlin eng lass an et lount sech ëmmer erëm weltrénomeiert Sportler u-feieren ze goen!

Berlin Silvesterparty: Ween kennt se net! D‘Silvesterparty zu Berlin beim Brandenburger Tor muss jiddereen eemol materlieft hunn. Eng wonnerbar Stëmmung déi mat engem bombastesche Feierwierk ent!

## Netzlëch Apps

Wann een nei an esou enger grousser Staat ass, schéngt et munchmol wéi wann ee komplett verluer ass. Mee well mer jo an engem digitalen Zäitalter liewen hunn mer lech hei e puer Appen erausgesicht déi lech den Alldag zu Berlin vereinfache wäerten.

BVG–Fahrinfo: En absolutte Muss fir jiddereen deen zu Berlin lieft oder och nëmmen ob Besuch ass! An der App BVG Fahrinfo kritt Dir déi genau Zäite wéini U-Bahnen, S-Bahnen, Busser an Trame fueren. Dir kënnt lech och lokaliséiere loossen an da fënnt d'App lech déi perfekt Connectioun fir bei Är gewënschten Destinatioun am schnellsten/einfachsten ze kommen!

BVG–Tickets: Mat däser App kënnt Dir ganz bequeem an einfach iwwert den Handy Billjeeën fir Är Faart am ëffentlechen Transport kafen (Paypal oder VISA) an entwäerten!

Uber / FreeNow: Wann der eemol guer keng Loscht hutt den ëffentlechen Transport ze benotze kennt der mat dësen Apps en Fahrdienst bei Iech ruffen deen Iech schnell a sécher ob Är gewënschten Destinatioun bréngt. D'Praiser hei sinn och net vergläichbar mat Lëtzebuerg. Keng Angscht: de Portmonni verkraaft och heiansdo esou eng Faart!

Lime / Tier / Bird: Dir kennt se bestëmmt all: E-Scooteren. Elektresch Trottinetten déi der fir bëllegt Geld loune kënnt an domadder Stroossen onsécher maache kënnt!

Lieferando/Foodora/Delivero: Ganz nëtzlech Apps falls Dir eemol Owes keng Loscht hutt ze kachen!

Miles / ShareNow / WeShare: Dëst si Car-Sharing Apps. Hei kënnt der en Auto fir eng bestëmmten Zäit oder Distanz lounen.

Discoeat: Dëst ass eng App fir Prozenter a Restaurante zu Berlin ze kréien. Ofhängeg vun der Auerzäit, kann een hei bis zu 50% beim Iesse spueren.

## Ëmweltvignette

Innerhalb vum Ring vu Berlin ass eng *Umweltzone*. Hei dierfen also nëmmen Autoe mat enger Emweltvignette fueren. Dës Vignette kritt een op verschidde Plazen ze kafen. Beim TÜV kritt een se fir 6€, beim ACL fir 10€ als Net-Member a fir 7,50€ fir Memberen, oder et keeft een se sech op enger Tankstell zu Berlin fir 5 bis 8€. Ofhängeg vun der Schuedstoffklass vum Auto kritt een dann eng gréng, giel oder rout Plaquette ausgestallt. Zënter 2010 dierfen zu Berlin nëmmen nach Autoe mat enger Grénger Plaquette eran. Méi Informatiounen dozou fannt Dir hei: *www.umwelt-plakette.de*

## Rundfunkgebühren(GEZ )

De *Rundfunkbeitrag* ass en Beitrag fir déi ëffentlech rechtlech Sender (*ARD, ZDF,…)* den ee bezuele muss onofhängeg dovu wéi vill Leit an enger Wunneng liewen an ob een en Fernsee oder en Radio iwwerhaapt Doheem benotzt. D'Käschte fir een Haushalt leie bei 17,50€ de Mount. Wann een d'Social Bourse vum Cedies kritt,

kann een sech als Lëtzebuerger Student vum Rundfunkbeitrag befreien. Wei dat funktionéiert kennt der bei der ACEL ënnert dësem Link noliesen: www.acel.lu2017/02/09/how-to-befreiung-vum-rundfunkbeitrag/

## Logement

Eng Wunneng zu Berlin ze fannen ass schwéier mee net onméiglech! Et muss een domadder rechnen dass ee vill Demandë schreiwe muss an alt deen een oder anere Weekend op Berlin komme muss fir op Wunnengsbesichtigungen ze goen. Internetsäite fir Wunnengen ze fanne ginn et der puer mee déi bekanntst sinn da wuel : Immonet, Immowelt an EbayKleinanzeigen.

Dann ginn et hei och vill Studentenheemer (*Neonwood, CampusViva)* wou een ouni Problem als Iwwergang fir 6 Méint oder och natierlech méi laang ganz angeneem wunne kann.

Wann Dir eng WG sicht, kënne mir den Site *www.wg-gesucht.de* empfeelen! Do kënnt Dir eng Annonce vun Iech erastellen, do mellen sech dann interesséiert WGen bei Iech, oder Dir kënnt duerch Annoncë browsen fir eng passend WG ze fannen an Iech dann do bewerben!

Vergiesst och net an eiser Facebookgrupp: *Vlib Ob Wunnengssich* Iech ze mellen, well mat vill Chance kann een engem anere Lëtzebuerger Student seng Wunneng oder WG-Zëmmer iwwerhuelen oder fir eng gewëss Zäit untermieten. Dat wichtegst ass net opzeginn, datt ass net immens einfach mee mat genuch Gedold fënnt jidderee säi richtegt Doheem!

# Universiteiten

## Ënnerscheed Universitéit an Fachhéichschoul

Am allgemenge gëtt op Universitéite vill gefuerscht, de Fokus läit méi op der Theorie an op der Wëssenschaft. Eng Universitéit ass meeschtens eng grouss Institutioun mat méi grousse Studiegäng a Studiegruppen. Et kann ee säi Studium selwer gestalten, andeems ee selwer decidéiert, a wéi engem Semester ee wéie Modul maache wëll an och mol eng Klausur no hanne verréckele kann. Mëttlerweil si vill Studiegäng op Universitéite „zulassungsbeschränkt“. Dat bedeit, dass et en Numerus Clausus gëtt. Et brauch een also oft eng bestëmmte Moyenne, fir ugeholl ze ginn. Wat d’Finanzéierung ugeet, ginn et op Universitéiten an der Reegel

niewent dem Semesterbeitrag keng weider Studiegebühren.

Fachhéichschoulen nennen sech haut ëmmer méi „Hochschule für angewandte Wissenschaft“ oder op Englesch „University of applied sciences“. Dëst weist schonn, dass hei de Studium méi praxisorientéiert ass. Eng Fachhéichschoul ass am Verglach zu enger Universitéit meeschtens eng méi kleng Ariichtung mat méi klenge Studiegruppen.

Et fillt een sech also manner anonym an et ass och méi einfach, direkte Kontakt mat de Professeren an Dozenten ze hunn. De Stonneplang ass meeschtens scho virginn, et huet een deemno wéi also manner Fräiheete wéi op enger Universitéit, well een net selwer decidéiere kann, a wéi engem Semester ee wéie Modul beleeë well. Dofir muss een sech awer em vill manner selwer këmmeren, well een sech net fir Moduler oder Klausuren umelle muss. En Numerus Clausus gëtt et op Fachhéichschoule quasi ni, mee éischter en klengen Opnahme-test. Eng Fachhéichschoul ass dofir awer oft méi deier wéi eng Universitéit, well meeschtens hei all Mount Studiegebühre musse bezuelt ginn.

Beim Bachelor a Master gëtt säit dem Bologna-Prozess keen Ënnerscheed méi tëschent enger Universitéit an enger Fach-Héichschoul gemaach, d‘Oofschless gi gläich bewäert.

Zu Berlin ginn et 4 staatlech Universitéiten, 5 staatlech Fach-Héichschoulen, 27 privat Fach-Héichschoulen a 4 Konscht- a Musekshéichschoulen.

An dëser Broschür stelle mir Iech déi 4 gréissten Unie fir:

## Humboldt Universität

D’HU bitt Fächer un, wie Biologie, Chimie, Physik, Mathematik, Informatik, Geographie, Psychologie, Pedagogik an nach villes méi.

Ob et en Numerus Clausus (NC) gëtt, hänkt hei ganz vum Studiegang of. Aschreiwe kann en sech ob der HU fir d’ Wantersemester (1. Oktober - 31. Mäerz) vum 1. Juni un bis de 15. Juli a fir d’ Summersemester (1. Abrëll – 30. September) vum 1. Dezember un bis de 15. Januar. D’Umeldung leeft iwwer Uni-Assist vir Lëtzebuerger Studenten.

D’HU freet Semestergebühre vun 315,64 Euro. De Semesterticket fir den ëffentlechen Transport ass do inclus.

D’ Haaptgebai vun der HU leit immens zentral an der Strooss Unter den Linden am Bezierk Mitte. Vir weider Informatioune

kuckt gär ob der Internetsäit vun der HU, *www.hu-berlin.de*, no.

## Freie Universität

D' Freie Universität ass och eng vun de grousse staatlechen Universitéiten zu Berlin.

Hei kann ee bal all klassesch Fächer wéi Biologie, Chimie, Mathematik, mee och Politikwëssenschaft, Wirtschafts-Wëssenschaften, Psychologie an nach villes méi studéieren.

D'Bewerbungsfriste gi fir déi meescht Studiegäng fir d'Wantersemester bis de 15. Juli a fir d'Summersemester bis de 15. Januar. Dëst kann awer variéieren, et sollt een sech also besser op dem Site *www.fu-berlin.de* informéieren.

D' Bewerbung leeft fir Lëtzebuerger meeschtens iwwer Uni-Assist, ausser fir Fächer wéi Veterinärmedizin a Pharmazie muss een sech iwwer Hochschulstart.de bewerben. Ob et en Numerus Clausus (NC) gëtt, hänkt ganz vum Studiegang of.

An de Semestergebühren, déi 315,64 Euro kaschten, ass de Semesterticket inclus.

De Campus vun der FU leit am Südweste vu Berlin, zu Dahlem am Bezierk Steglitz-Zehlendorf.

## Technische Universität

D'TU bitt eng grouss Vilfalt u Studiegäng un, ënner anerem Architektur, Bauingenieurwesen, Bildungswissenschaft, Biotechnologie, Chimie, Elektrotechnik, (Wirtschafts-)Informatik, Maschinenbau, (Wirtschafts-)Mathematik, Physik, a Statistik.

Et hänkt vum Studiegang of, ob et en Numerus Clausus (NC) gëtt. Als Lëtzebuerger muss een sech iwwer Uni-Assist umellen, d'Friste variéieren all Semester, z.B goufen d'Bewerbungsfristen duerch de COVID-19 no hanne verréckelt. Aktuell Informatioune ginn et op www.tu.berlin/studieren/bewerben-und-einschreiben/fristen-termine/.

Pro Semester muss een 307,54€ Semestergebühre bezuelen, do ass de Semesterticket fir den ëffentlechen Transport mat dobäi.

Den Haaptcampus vun der TU erstreckt sech iwwer Charlottenburg an Tiergarten. Weider Standuerter sinn de Campus Wedding, Campus EUREF an de Campus Dahlem. Déi follgend Informatiounen an nach vill méi fënnt een op *www.tu.berlin.de*

## Charité

D' Charité ass d' medezinesch Fakultéit vun der FU an der HU an

deementspriechend kann een do studéiere wat a Richtung Medezin geet (Humanmedezin, Zahnmedizin, Pflege, Gesundheitswissenschaft). D' Charité huet 4 Standuerter zu Berlin, dovunner 2 méi Zentral; d'Campus Virchow-Klinikum (CVK) an d' Campus Charité Mitte (CCM) an 2 méi ausserhalb; d' Campus Berlin Buch (CBB) an d' Campus Benjamin Franklin (CBF).

D'Aschreiwungsfriste vir d'Wanter-semester (1. Oktober-31. Mäerz) gi bis de 15. Juli a vir d'Summersemester (1.Abrëll-30. September) bis de 15. Januar. Dës Friste kennen awer vu Joer zu Joer liicht variéieren, dofir informéiert Iech mat Zäit op www.charité.de.

D' Umeldung leeft vir all Bewerber aus der EU iwwert d'Stiftung fir Hochschulzulassung (SfH) ënnert Hochschulstart.de. Ob et een Numerus Clausus (NC) gëtt, hänkt vum Studiegang of. D'Semestergebühre leie bei ongeféier 300€ (Semesterticket inclus).

Wann der nach net genau wësst wat der zu Berlin studéiere sollt, kennen Iech des Websäiten dobäi hëllefen, de richtege Studiegang ze fannen:

*www.studienwahl.de/finder*

*www.hochschulkompass.de*

*www.studiengaenge.zeit.de*

## Hochschulsport

D' Zil vum Hochschulsport ass eng käschtegënschteg, divers a qualitativ héichwäerteg Palette vu Sport a Beweegung ze kreéieren déi Varietéit a Balance am Alldag vum Studenteliewen ubitt. Ausserdeem wëllt den Universitéitssport Gesondheetsbewosstsinn schaffen, een gesonden Alldag ënnerstëtztten an d'Participanten hiert ganzt Liewen am Sport encoura-géieren. Reegelméisseg Participatioun un Universitéitsport ka Fitness a Gesondheet erhalen a verbesseren. Universitéitsport bitt net nëmme sënnvoll Fräizäitaktivitéiten a Fräizäitméiglechkeeten, mee fördert och sozial Interaktioun, fair Interaktioun mateneen an d'Integratioun vun internationale Studenten.

De Sportprogramm vum Hoch-schulsport besteet aus méi wéi 1.000 Offeren, vu wöchentleche Coursen zu Workshops, gratis Gruppen a Reesen op Turnéier a Concoursen. D' Offer enthält méi wéi 170 verschidde Sportaarten a Beweegungsrichtungen.

D' Angebot vum Hochschulsport gëllt fir jiddereen. Am Beschten et renseignéiert een sech fir d'éischt op senger eegener Uni oder

Héichschoul ob do Hochschulsport ugebuede gëtt oder net. Egal wéi ass een awer net un seng eegen Uni oder Héichschoul gebonnen. Et kann een ouni Problem Cours'en bei aneren Universitéiten huelen. D'Angebot vun de Sportarte variéiert och oft vun Uni zu Uni. D'Präisser fir den Hochschulsport sinn ofhängeg vun der Sportart déi ee wielt.

Op de folgende Links kennt Dir Iech d'Angebot vun der TU, HU a FU ukucken:

*www.tu-sport.de*

*www.hochschulsport.fu-berlin.de*

*www.hochschulsport.hu-berlin.de*

# VLIB

## Wat ass de VLIB?

De VLIB ass de Veräin vun de Lëtzebuerger Studenten zu Berlin dee zënter 2008 besteet. Mir sinn ee Cercle deen sech reegelméisseg zesummen trefft an Eventer plangt. Mir hëllefen den Erstien an den Interesséierten déi gär ob Berlin studéiere kommen sech zu Recht ze fannen a Kontakter ze knüpfen. Bei Froen iwwert Universitéiten, Wunnengssich, esou wéi d´Reese vu Lëtzebuerg ob Berlin an natierlech Froen iwwer Berlin selwer sti mir Iech gär zur Verfügung an hëllefen esou gutt mir kennen.




## Events vum VLIB

Iwwert dat ganz Joer verdeelt organiséiere mir eng Réi vun Evenementer bei deene jiddereen häerzlech wëllkomm ass.

D'Wantersemester start mat engem éischte Kenneléieren oder no laangem Rëmgesinn no der Summervakanz mat eisem éischte Stammdësch, deen ëmmer all 1. an 3. Dënschden am Mount an da héiss begehrter Jatzbar am Wedding stattfënnt. Eng super Geleeënheet fir gutt an dat neit Semester ze starten an nei Leit kennenzeléieren.

Weider geet et da mat da Spätitour, wou mir d'Geleeënheet notze Memberskaarte vir dat neit Joer ze verkafen, mat deenen Dir iwwert dat ganzt Joer op eisen Eventer deen een oder anere Su kënnt spueren an ni duuschtreg wäert heemgoen (Gratis Shots, Beerpongtourneier vir 10€ amplaz vu 15€, asw.).

Iwwert de Wanter organiséiere mir ënnerschiddlech Aktivitéiten, zum Beispill ee Beerpongtourneier (deen iwwregens och am Summersemester stattfënnt), Karaoke, Escape Room a villes méi.

Um Tournoi de Noël, deen all Joers vun da ACEL organiséiert gëtt, si mir mat eisem Grillstand beschtens vertrueden. Weider Eventer op deene mir mat engem Stand vir Iech bereet stinn, sinn ënnert anerem d'Foire de l'Etudiant an de Studentebal.

Am Summersemester gëtt et dann Zäit vir eis alljärlech Assemblée Générale, wou de Bilan vum Joer gezunn an deen neie Comité gewielt gëtt. Ee weidert Event, fir dat mir eis extra vill méi gi fir Iech déi spannendste Froen ze bidden, ass eise Pubquiz.

Wéi Dir gesitt, gëtt et mat eis net langweileg a wann Dir awer mol Loscht op eppes anescht hutt, dann fannt der dat an dëser Stad jiddefalls, ganz nom Motto: Kommse rin, könnse rauskieken!

## Merchandise

Zënter leschtem Joer kënnt Dir och Ären eegene VLIB Pullover kréien. Bestelle kënnt Dir all Joer am Ufank vum Wantersemester beim Comité. Et ginn am Ganze 5 verschidde Faarwe (Schwaarz, Donkelgro, Hellgro, Donkelblo an Bordeaux) mat enger Wiel tëscht wäiss a schwaarz Drock.

## Kontakt

Wann der elo sollt froen hunn, sief et zum Studium oder zum allgemenge Liewen zu Berlin da kennt der eis esou erreechen :

Facebook :

- VLIB - Lëtzebuerger Studenten zu Berlin
- VLIB - Ob Wunnengssich zu Berlin
- VLIB - Mitfahrgelegenheet Berlin - Lëtzebuerg

Instagram: *@vlib.berlin*

E-Mail: *comite.vlib@gmail.com*

# Impressum

## Editeur

VLIB - Verein der Luxemburger Studenten in Berlin

E-Mail: comite.vlib@gmail.com

Internetsite: vlib.lu

## Redakteren:

| | |
|---|---|
| Melinda Soultanova | Sophie Schroeder |
| Alexander Schmitz | Jil Weyland |
| Pierre Foxius | Laura Schiltges |
| Mick Molitor | Phoebe Lee |
| Max Deitz | Ken Wollmering |

## Fotoen

Chiara Reuland